# De Jugendensembel Da Capo Musica vun der Walfer Musek sicht en(g) engagéiert(en) Dirigent(in) 🎵 fir spéitstens ab September 2026

Da Capo Musica

Eise Jugendensembel besteet aus ronn 25 jonke Musikantinnen a Musikanten, déi mat vill Motivatioun a Freed zesumme musizéieren.

**D'Prouwe fanne freides vun 18h45 bis 19h45 zu Walfer statt.**

Als Dirigent(in) hues du eng wichteg Roll:

Du begleets d'Musikanten an hirer musekalescher Entwécklung a schaafs eng harmonesch **Transitioun** vum Jugendensembel an déi grouss Musek. Nieft der musikalescher Aarbecht geet et eis och ëm Teamgeescht, Engagement a Freed um gemeinsame Musekmachen.

🎶 Wat mir eis wënschen:

- Freed un der Aarbecht mat Jonken
- Interessi um aktive Veräinsliewen
- Gutt Kenntnisser vun der **lëtzebuergescher** Sprooch
- Motivatioun, Verantwortung ze iwwerhuelen an eise Jugendensembel weiderz'entwéckelen

ℹ️ Weider Informatiounen iwwer de Posten an den Orchester fënns du op:
👉 www.walfer-musek.lu

📩 **Intresséiert?**

Da schéck deng Kandidatur bis spéitstens den **26.04.2026** un: **walfermusek@gmail.com**

Mir freeën eis drop, zesumme mat dir d'Zukunft vun eisem Jugendensembel ze gestalten 🎵